LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5456 vum 4. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert de Gebrauch vum offizielle Logo vun de Lëtzebuerger Ministèren**

Den offizielle Logo vun der Lëtzebuerger Regierung, sou wéi en an der *"Charte graphique du logotype du gouvernement luxembourgeois"* definéiert ass, representéiert déi visuell a graphesch Identitéit vun der Lëtzebuerger Regierung. De Gebrauch heivunner ass domat ausschliisslech der Regierung, de Ministèren, souwéi den Administratiounen a Servicer vum Staat reservéiert, esou dass och keng Autorisatioun vun dëser Regierung fir de Gebrauch vum offizielle Logo zu aneren Zwecker erdeelt ginn ass.

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL